PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Wéi den 100,7 gemellt huet, gouf no enger Entrevue mat de Responsabele vum Radiologiezenter Hygie ee Verbuet fir d'Notzung vum Apparat fir Mammografien decidéiert. Patient:innen, déi schonn e Rendez-vous haten, géifen elo un déi véier Klinicke verwise ginn.

Aktuell ginn et hei am Land nach ëmmer grouss Retarde bei de Rendez-vousen fir Mammografien an de Spideeler, soudass et fir vill Leit interessant war, trotz de méi héije an net vun der CNS rembourséierbare Käschten ee Rendez-vous bei Hygie ze huelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat geschitt elo mat dem Apparat fir Mammografië vun Hygie?
2. Ass eent vun de Spideeler hei am Land dorun interesséiert, fir den Apparat direkt ze iwwerhuelen, fir esou d'Offer vu verfügbaren Terminer héich ze halen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten